

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un den Här Minister fir Sozial Sécherheet weiderzeleeden.

An enger Pressematdeelung kritiséiert d'Confédération luxembourgeoise du commerce (clc), datt déi Lëtzebuenger Regierung et bis elo net fäerdegbuecht huet, een Accord mat den Nopeschlänner ze fannen, deen et erméigleche géif, datt d'Chauffeurs transfrontaliers och dann an der CCSS affiliéiert bleiwen, wa se méi wéi ee Véirel vun hirer Aarbechtszäit am Ausland ofleeschten. Déi EU-Regelung, déi zur Zäit applizéiert gëtt, géif der spezieller Situatioun vu Lëtzebuerg net gerecht ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Firwat ass déi Lëtzebuenger Regierung bis elo net a Verhandlung mat den Nopeschlänner agetrueden, fir am Intressi vun de Berufsschaufferen een Accord ze fannen, deen d'EU-Regelung ofléist?
2. Denkt d'Regierung drun, fir een Ofkommen mat den Nopeschlänner ze fannen, dat am Fall vun enger Desaffiliatioun aus der Sozialversécherung eng automatesch a gläichzäiteg Reaffiliatioun an engem anere Land virgesäit?
3. Wat ënnerhëlt d'Regierung, fir ze verhënneren, datt déi betrafte Berufsschaufferen net nëmmen hir Affiliatioun, mee och hir Aarbechtsplaz verléieren, an datt déi betreffen Entreprises delocaliséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten